# GT Jeunes (Commission des Jeunes)

Rapport vun der Réunioun vu Méindes den 3. Juli 2023

Café Gina Domont, Strassen route d'Arlon

Präsenzen : MM. Marco SCHMIT, Richard SPAUTZ, Marco SCHMITZ, Steve URBAN, Guy KRUCHTEN.

Entschëllegt : Mme Suzie GODART,

MM. Dirk PÜTZ, Claude MAGAR, Romain ENGELS,

De Präsident begréisst d'Memberen an entschëllegt 4 Memberen déi aus versschidden Ursaachen net kënnen deelhuelen.

1. **Adaptatioun vum Rapport vum 15. Mee 2023.**

De Präsident freet op all Member de leschte Rapport gelies huet a freet op eng Ännerung misst gemaach gin. De 5 Memberen haten näischt ze monnéieren an de Rapport as eestëmmeg ugeholl gin.

2. **Réckmeldung vum „clever move" um INS.**

Eis Memberen déi présent waren (Romain ENGELS, Marco SCHMITZ, Marc SCHMIT, a Suzie GODART) hun dat Ganzt gutt organiséiert font an et huet de Kanner super gefall (30 Klasse hu matgemaach.

3. **Olympiadag zu Zéisseng um Bike Park Boy Konen.**

De Romain Engels hat en Opruff gemaach fir sech ze mellen awer kee vun eis huet sech gemellt, ausser d'Suzie fir just Nomëttes. Dorop hin as d'Bemierkung gemaach gin den Appel wär vill ze spéit ukomm.Dat kënnt awer net eisem Sekretär seng Schold sin mä misst vun enger anerer Plaz aus verschweest gi sin.

Soit: 2 Memberen vun der Millebaach waren trotzdem do präsent (Romain ENGELS, Marco SCHMIT a Robi FRISING) an Nico WAGNER vum LC Alzingen .

Hei huet villes net geklappt (z.B. Gedrénks fir d'Moniteuren, T-Shirten fir d'Moniteuren, asw.) an d'Zäiten fir Duerchgäng vum Grupp waren ze knapp gemooss: Helm justéieren, Vëlo eraussichen, Sëtz op déi richteg Héicht astellen, asw., erkläre wat zemaachen as, da waren vun enger halwer Stonn nëmme méi 20 Minuten fir de Parcours zemaachen an ergo konnt net all Kand de Parcours maachen.

4. **Course vum CCI Déifferdeng.**

No laanger Paus hat Déifferdeng sech neess entscheed Course fir Jeunes (6-10 Joer) a Minimes + Cadets ze organiséieren. Fréier waren dës Epreuven uewen um Plateau vum Col de l'Europe, oder och an Déifferdéng selwer.

Ufanks dëses Joer war ech mat engem Deel vum Komitee op der Plaz an d'Gemeng wollt, datt den CCI Déifferdeng déi Course soll an der Foussgängerzone organiséieren. Fir keen ze stéieren sollt dat Sonndes Moies iwwer d'Bühn lafen well ëm déi Zäit

d’Foussgängerzone praktesch net beliewt as. D’Demanden waren all zur Zäit gemaach gin.

Bal zum Schluss, also 1 Woch virun de Coursen, huet d’Gemeng dem Veräin proposéiert hier Coursen net an der Foussgängerzone ze organiséieren well duerch dës Manifestatioun ganz Déifferdeng gespaart wär, mee dat léiwer zu Nidderkuer maachen. Nom Veräin wären op däer Plaz eng „100“ Privatgaragen fir ee ganze Moien onzougänglech. Wahrscheinlech duerch dës Ännerungspropositioun vun der Gemeng as kee „pré admis“ vun der Police komm an et war, ergo, net méi méiglech ënner normale Konditiounen eng Autorisatioun vun eiser Federatioun ze kréien (minimum 7 Deeg am viraus). De Präsident huet matséngem Komitee décidéiert dës Coursen ze annuléieren.

Ech hat Kontakt mam Präsident fir d’nächst Joer awer nach eng Kéier eng Genehmigung vun der Gemeng ze kréien. D’Memberen aus eiser Kommisioun kënnte dem Veräin och hëllefen well do och ee Mangtum vu Personal as.

5. **Technikofzeechen 2023.**

Den Dirk PÜTZ huet matgedeelt datt säi Veräin an d’Gemeng Schëtter bereet wären dës Épreuve nach eng Kéier ze organiséieren. De gemeinsamen Datum wär Sonndes den 10. September beim Kultur a Sportzentrum zu Mënsbich (Munsbach). Den Datum läit nach an der grousser Vakanz an den Claude MAGAR deelt eis mat, datt hien bis den 10. September an der Vakanz as. D’Hirondelle géif hier d’Demanden un d’Autoritéite maachen. Elo krut ech matgedeelt den Dirk PÜTZ wär och do a Vakanz, an d’Susi GODART wär zu däer Zäit net disponibel wéint dem Schoulufank. Mir musse bis dohin all eist Material zesummen hun. Affaire à suivre d’urgence concernant la date de l‘Organisation.

6. **Nächste Coursen.**

Déi nächsten Épreuve as ee Samschdeg den 8.Juli zu Schëffleng um Biergemer Wee. Éischte Start as ëm 11 Auer. Consignen fir séch anzeschreiwen, wéi gestart gëtt, wéi den Départ soll ausgesin, hun ech ausgeschafft am Veräin am Delegéierten zougeschéckt.

7. **Approbatioun vun de Rapports de Courses.**

Well den Ed. WAGNER, de mech als Delegéierten an der Millebaach ersaat hat, Sonndes Moies an d’Vakanz gefuer as hat ech säi « Rapport de course » nach net a mir hun de Rapport vun der Dippecher Course zu Schuller aprouvéiert.

Well de Romain ENGELS fir dës Reunioun verhënnert war wollte mir dee Punkt op eis nächste Sëtzung verleeën, mä de Marco SCHMIT (LP Millebaach) war jo awer och op hierer Course « présent » an huet säi Rapport gemaach, mat der Bemierkung, datt vill Kanner hier Guidonsplack net dobäi haten, an datt ee Problem beim Klassement war. Dee Problem as awer geléist gin an ech krut vum Sekretär, den Här Henri JUNCK, d’Klassementer geschéckt an hu se op eisem Site zesumme mam Generalklassement publizéiert.

8. **Verschiddenes**

- Eis Rapportën däerften nëmmen un d’Memberen vun der GT Jeunes (Commission des Jeunes) verschéckt gin („Conditio sine qua non“ dat geet iwwerhaapt net), an dat misst och fir déi aner Kommissiounen an dem CA gëllen. Soubal déi Rapportën genehmegt sin kommen se op eise Site stoen, an do ka jo da „Jenni a Männi“ (dixit: Robert Goebbels, fréieren Ausse-Minister LSAP) kucke goen.

- Op eisem Site misst méi kloer ze gesi gin, datt onlizenséiert Kanner vu 6 bis 10 Joer séch „On Line“ kënnen aschreiwen nodeems se beim Sekretariat (FSCL) hier 5 stelleg Zuel matgedeelt kruten.
- Den Umellungsformulär fir net Lizenséierter misst op eise Site gesaat gin fir erofzelueden, auszefëllen an ze ënnerschreiwen. (Formular läit bäi). De Formulär misst bei der Aschreiwung um Dag vun der Course dem Delegéierten gewise gin.
- De CT Atertdaul deelt eis ausserdem mat, datt hier provisoresch ofgesote Kannercoursen vum Juni 2023 op Samschdes, den 21. Oktober 2023 verluecht gin. Dat as also dann d’Finale vum Trophée FSCL Jeunes.
- Et misst ee vläicht, wéi dat fréier mol war, am Ausland (Däitschland haut; ënner BAUHAUS; an an der Belscht, haut ënner BH Cup) mat de konzernéierte Veräiner Kontakt opzehuelen, awer net wäit vun eiser Grenz ewech, an hierer Géigend eng Course Jeunes ze organiséieren déi zum Trophée FSCL Jeunes Klassement géif zielen? Opgepasst! An eisem Reglement steet „maximal 13 Coursen“.
- Et sollt fir d’Veräiner déi 10 Geboter vum Vëlofueren opgestallt gin a Form vun engem Poster vir an de Veräinssäll an engem Fächer fir Trainer a konzernéiert Kanner. Den Alex Magar (deen de Modell vun de Guidonsplacken entweckelt huet) huet schon ee Modell vun engem Fächer préparéiert dee nach misst ofgeseent gin an da bei eisem Sponsor CK Kieffer gedréckt gin. (nota bene: de Frank Schleck hat proposéiert mam Sponsor vum Dauner Waasser ze schwätzen fir dës Käschten ze iwwerhuelen?). De SCRIPT huet esou Geboter opgestalt mee wellt se net fräi gin. Mee déi Geboter, „Helm, Vëlo, Iwwersetzungen, asw.“ kann dach jiddereen opstellen. D’Securité Routière huet mat der Police och d’Consignen iwwer den Equipement opgestalt wéi de Vëlo muss équipéiert sin fir op der Strooss däerfen ze fueren mam Ënnerscheed datt dat keng Geboter sin mee e Gesetz.
- Consignen sollen opgestallt gin wéi een Départ vun de courses Jeunes soll oflaafen fir all Diskussioun ze évitéieren si nach zousätzlechen Informatiounen iwwer Aschreiwungen, a soss wichteg Informatiounen drop gesaat gin. (voir „Annex“).
- Wäer et net méiglech eng Organisatioun “Journée Bicyclettes Jeunes” (analog zum Futtball zu Ettelbréck op den Däichwisen) ze maachen. Fir dës Organisatioun do wäert kee Veräin interesséiert sin dat misst dann eis Fédé maachen?

Pour le secrétaire empêché;

Richard Spautz

Commission des Jeunes

Président

**Déi nächste Réunioun as Méindes, de 4. September 2023 ëm 19:00 Auer an der Maison des Sports „Josy Barthel“, Sall N° 2, 3, route d’Arlon zu Stroossen.**